CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
23 SEP. 2019
1230

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung, Energie & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg gëtt aktuell a villen Haiser nach mat Masutt gehëtzt. Virun allem am Norde vum Land ass dëst de Fall, well a wäiten Deeler vun der Regioun keng Gasleitungen verluet sinn. Et ass evident, dass de Masutt keng nohalteg Energieressource duerstellt. Den CO2-Ausstouss vun enger Masuttsheizung ass souguer méi héich wéi d'Hëtze mat Gas an doriwwer eraus mat méi héijen a volatille Käschte verbonnen.

D'Regierung promouvéiert aktuell awer alternativ an erneierbar Heizformen, wéi zum Beispill Pelletheizungen oder Geothermie. Persounen, déi sech dës Investitiounen allerdéngs net leeschte kënnen, bleiwe schlussendlech awer op hirer Masuttsheizung sëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Haushälter heizen hei zu Lëtzebuerg aktuell mat Masutt? Wéi vill vun dësen Haushälter hëtzen entfalen op de Norde vum Land?
2. Wéi vill Liter Masutt si säit 2012 fir Masuttsheizunge verbrannt ginn?
3. Wéi héich beleeft sech de jäerleche CO2-Ausstouss vu Masuttsheizungen zu Lëtzebuerg?
4. Wäert d'Regierung bis 2023 d'Unzuel u Masuttsheizungen hei am Land reduzéieren?
    - Falls jo, wéi vill Masuttsheizunge solle bis dohinner ersat ginn a wéi?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
29 OCT. 2019

Luxembourg, le 29/10/2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°1230

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1230 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

n.réf. : 0379-E19

Réponse commune du Ministre de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire et de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 1230 du 20 septembre 2019 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

1) Wéi vill Haushälter heizen hei zu Lëtzebuerg aktuell mat Masutt? Wéi vill vun dësen Haushälter hëtzen entfalen op de Norde vum Land?

An der Heizungsdatebank vun der Ëmweltverwaltung sinn am Moment 97'266 Installatiounen, déi Masutt verfeieren, enregistréiert. Allerdéngs enthält des Zuel och eng gewëssen Unzuel vun alen Installatiounen déi mëttlerweil vun Gas/Biomass Heizungen oder Wärmepompelen ersat goufen, an wou d'Ëmweltverwaltung net iwwert den Changement informéiert gouf.

An der Regioun Norden sinn 28'755 Masuttsheizungen enregistréiert.

Doduerch datt déi uewen genannten Zuelen net ganz aktuell sinn, schafft d'Ëmweltverwaltung op engem Projet fir d'Revisioun's an d'Receptioun's Rapport'en op direktem Wee kennen an d'Datebank opzehuelen, an um Berengegen vun der Datebank iwwert en Ofglach mat der Gasheizungsdatebank vum Energie Ministère.

2) Wéi vill Liter Masutt si säit 2012 fir Masuttsheizunge verbrannt ginn?

Laut dem nationalen Emissioun's Inventaire goufen 2017 ongeféier 198 Millioune Liter Masutt an Haushalt Heizungen verbrannt (Graphique 1). [1] Am Verglach zu 2012, kann ee Réckgang vum Verbrauch vun 12% festgestallt ginn. Vun 2012 bis 2017 sinn am Ganzen **1,2 Milliarde Liter Masutt** an Haushalt Heizungen verbrannt ginn. Den vergläichsweis déiwen Verbrauch vun 2014 gëtt domat erkläert datt dat Joer en relatiivt waarmt Joer war, mat manner Heizdeeg.



Graphique 1 : Jäerleche Masutt Verbrauch vun Haushalt Heizungen säit 2012.

[1] Source: inventaire national des émissions de gaz à effet de serre soumis à la CCNUCC en avril 2019, https://unfccc.int/documents/194915

3) Wéi héich beleeft sech de jäerleche CO2-Ausstouss vu Masuttsheizungen zu Lëtzebuerg?

Fir d'Joer 2017 beleeft sech den Zäre Gas Ausstouss vun Masuttsheizungen an den Haushälter op 529'625 Tonnen CO_2, 70 Tonnen CH_4 (Methan), an 4 Tonnen N_2O (Laachgas). Dës Emissiounen entspriechen engem Total vun **532'687 Tonnen CO_2-Equivalenten** a representéieren 5,2% vun den nationalen Zäre Gas Emissiounen vum Joer 2017. [1]

Fir mat Äerdgas déiselwecht Hëtzt (7140 TJ) hierzestellen, missten 405'071 Tonnen CO_2-Equivalenten ausgestouss ginn, also 127'615 Tonnen CO_2-Equivalenten manner.

Fir eis Klimaziler ze erreechen, wier et besser an néideg Masuttsheizungen direkt duerch méi Energieeffizienz (Isolatioun) an erneierbar Energien ze ersetzen ewéi Wärmepompelen, den Uschloss un e Wärmenetz oder duerch Holzpellets.

All déi Alternativen ginn duerch d'Regierung finanziell ennerstëtzt. Et ass ervirzehiewen, datt et haut schonns een zousätzlechen Bonus vun 30% op der aktueller Subventioun ënnert der "Prime House" gëtt, wann een eng fossil Heizung duerch eng erneierbar Heizung (Holzpellets) ersetzt.

4) Wäert d'Regierung bis 2023 d'Unzuel u Masuttsheizungen hei am Land reduzéieren? Falls jo, wéi vill Masuttsheizunge solle bis dohinner ersat ginn a wéi?

Den Projet vum neien Energie- an Klimaplang deen d'Regierung am Ufank vun dësem Joer virgestallt huet gesäit vir, datt d'Energieeffizienz éischt Prioritéit genéisst an d'Produktioun vun erneierbaren Energien am Stroum-, Hëtz an Keeltberäich bis 2030 weider konsequent an ambitiéis wuessen soll. An dësem Kader sollen och méi präzis Mesuren am Beräich vun der Notzung vu Masuttsheizungen zu Lëtzebuerg geholl gin. Bis 2050 well Lëtzebuerg CO2-neutral ginn.